Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

12.6.2018 Klimawandel??? Nee, Zoubetonéieren duerch staarken Wuesstem.

12 **Jun** *2018*

(comments: 0)

Den Haaptgrond fir déi grouss Iwwerschwemmungen ass net d'Wieder, mee mënschlech Aktivitéit.

An de leschten 28 Joer ass méi zoubetonnéiert ginn wéi an de ganzen 2000 Joer virdrun. „1990 waren im Großherzogtum lediglich 4,3% verbaut,

2015 waren es bereits 10%“

Iwwer 1 Millioun Awunner am Joer 2050? 1,2 Milliounen am Joer 2060? Nee Merci! Mir, als Wee2050, setzen eis an fir en méi luesen a verstännege Wuesstem!

Am Oktober 2018 gi mir mat an d'Chamberwahlen fir eis fir eis Ziler anzesetzen op der Lëscht vun der ADR!

Eisen Artikel vum Mäerz 2016, deen d'Diskussioun hei am Land lancéiert huet:

http://wee2050.lu/index.php/press/articles/den-1-millioun-awunnerstaat-heiansdo-ass-manner-mei.html

Read more … 12.6.2018 Klimawandel??? Nee, Zoubetonéieren duerch staarken Wuesstem.

9.6.2018 UNESCO: Lëtzebuergesch ass bedroht.

10 **Jun** *2018*

(comments: 0)

D'UNESCO huet Lëtzebuergesch op d'Lëscht vun de bedrohte Sprooche gesat.

Keng TNS-ILRES Ëmfro, déi vun engem grénge Charles Margue gemaach a vun engem bloe Claude Meisch finanzéiert gouf, ännert dat!

Eis Ziler vum Wee2050:
http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 9.6.2018 UNESCO: Lëtzebuergesch ass bedroht.

5.6.2018 Ënnerstëtzt eist UNESCO-Weltkulturierwen.

07 **Jun** *2018*

(comments: 0)

Ënnerschreift d'Petitioun
online, um Site vun der Chamber!
Ënnerstëtzt eist UNESCO-Weltkulturierwen

https://www.chd.lu/wps/portal/public/Accueil/TravailALaChambre/Petitions/RoleDesPetitions?action=doPetitionDetail&id=1199

Read more … 5.6.2018 Ënnerstëtzt eist UNESCO-Weltkulturierwen.

7.6.2018 Virun 3 Joer hu vill Gambianer 80% vun de Wieler als auslännerfeindlech an domm duergestallt

07 **Jun** *2018*

(comments: 0)

Haut virun dräi Joer huet Lëtzebuerg zum Auslännerwahlrecht, trotz massiver Campagne vum Jo, kloer Nee gesot.

D'Lëtzebuerger hu sech net aschüchtere gelooss vun der massiver a coordinéierter Jo-Campagne vun der Regierung, vum grousse Patronat, vun de Spëtzte vun de Gewerkschaften, vun Deeler vun de Medien, vun der Kierch, vu selwerernannten Eliten vun der Jo-Campagne an vu Gruppen vu Konschtschafenden.

Mir vum Wee2050-Nee2015 haten de Courage dem Nee eng staark a kloer Stëmm ze ginn, an domat hu mir dat gesot wat eng kloer Majoritéit vun de Lëtzebuerger denkt! Leit aus allen Deeler vun der Gesellschaft hunn äis ënnerstëtzt an äis Merci gesot, well si mat hirer Meenung net an d'Ëffentlechkeet goe wollten .

Et war e grousse Moment fir déi Lëtzebuerger Demokratie, wou d'Wieler gewisen hunn, dass si onofhängeg a couragéiert mat hirer Stëmm hir Meenung ausdrécken.

Seele waren d'Lëtzebuerger sech esou eeneg an hunn esou zesummegehalen. Den Auslänner war et iwwerdeems gréisstendeels egal.

Politik muss mat de Leit gemaach ginn. Et soll hinnen nogelauschtert ginn an net iwwer d'Leit ewech decidéiert ginn.

Mir sinn déi politesch Mëtt an net déi, déi äis de Jo als politesch Mëtt verkafe wollten!

Am Oktober 2018 gi mir mat an d'Chamberwahlen fir eis fir eis Ziler anzesetzen. Mir sinn mat 6 Kandidaten vum Wee2050 op der Lëscht vun der ADR.

http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 7.6.2018 Virun 3 Joer hu vill Gambianer 80% vun de Wieler als auslännerfeindlech an domm duergestallt

1.6.2018 Keup, Weidig, Rinck, Rouling, Ahles an Bintz sinn d'Wee2050-Kandidaten op der ADR-Lëscht

04 **Jun** *2018*

(comments: 0)

Keup, Weidig, Rinck, Rouling, Ahles an Bintz sinn d'Wee2050-Kandidaten op der ADR-Lëscht

Haut den Owend sinn d'Kandidaten vun der ADR-Lëscht zu Feelen presentéiert ginn. Dorënner sinn och eis Kandidaten vum Wee2050.

Eis Kandidaten setze sech haaptsächlech fir déi Themen an, déi an eisen Ziler an Aktiounspunkte behandelt ginn. Selbstverständlech stinn och si zum gemeinsame Wahlprogramm vun der ADR-Lëscht, a si verflichte sech ADR-Member ze ginn, wann si gewielt ginn.

Zitat vun eise Kandidaten: "D'ADR ass am nooste bei de Wee2050-Ziler iwwert d'Sprooch, de Wuesstem an d'Demokratieverständnes, a vertrëtt se éierlech, staark a glafwierdeg. Zesumme mat den anere Kandidate wëllen mir, als Team, zesummen, déi ganz Lëscht voll ënnerstëtzen. Mir setzen eis mat voller Energie fir d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch an, mat engem richtege Gläichgewiicht tëschent dem Däitschen, Engleschen a Franséischen, wéi och géint den onkontrolléierte staarke Wuesstem. Mir passen och genau op, dass d'Resultat vum Referendum 2015 respektéiert gëtt, an dat besonnesch an der neier Verfassung."

Op eiser Lëscht si Leit mat verschiddene Liewensperspektiven, déi awer all dat selwecht Demokratieverständnes hunn, déi d'Themen vun der politescher Mëtt vertriede wëllen, an déi och de Courage an d'Talent hunn, fir eis Ziler ëffentlech anzetrieden.

Net jiddereen aus eisem Team geet mat. D'Grënn dofir si villsäiteg: berufflech Incompatibilitéit, de Choix net an d'Ëffentlechkeet ze goen, familiär Grënn, déi Lëtzebuerger Nationalitéit net ze hunn, e politescht Mandat mat enger anerer Partei. Si stinn awer weider voll hannert eis an hëllefen op hir Aart a Weis. Mir soen dofir all eise Wee2050-Team-Memberen, mee och eise Sympathisanten an Donateure Villmools Merci.

Niewent eisem Grënner, dem Fred Keup, gi mat: Den Tom Weidig, dee sech am Referendum aktiv fir en equilibréierten Debat tëscht dem Jo an dem Nee agesat huet, fir sou eis an der grousser politescher Mëtt och eng Stëmm ze ginn. Zënter hier schafft hien aktiv beim Wee2050 an konnt wichteg Impulser ginn. Den Daniel Rinck, laangjäregen Administrator vun der populärer Facebooksäit 'Neiwahlen', bekannt fir seng oppe Manéier wichteg Uleie vun der politescher Mëtt ze thematiséieren an de politeschen Debat ze

förderen. Besonnesch exemplaresch ass säin Engagement fir deene Leit, déi a Nout geroden sinn, ze hëllefen. Weider Kandidaten sinn de Jos Roulling, dee vill Televisiounssendunge gemaach huet, d'Thessy Ahles an de Claude Bintz.

Zitat Tom Weidig: "Keen Thema däerf Tabu sinn an all Argumenter a Fakten mussen op den Dësch. Ech si frou, dass ech am Referendum dem Wee2050 hëllefe konnt, fir géint massive politeschen Drock, d'Meenung vun der politescher Mëtt héich ze halen. Mat der selwechter Energie setze mir eis als Wee2050 elo fir eis Ziler a punkto onkontrolléierte Wuesstem a Sprooch an."

Zitat Daniel Rinck: "Eis Sprooch a Kultur leie mir um Häerz, awer och den Impakt vum ze staarke Wuesstem, dee besonnesch déi Léit trëfft, deenen et net esou gutt geet, wéi deene Léit mat geréngem Akommes oder d'Situatioun vun den Obdachlosen."

Hei sinn all eis Kandidate mat hire Profiller:

Bezierk Süden

Fred KEUP
Mamer, 38 Joer
Grënner vum Wee 2050
Geographieprofesser zu Esch
President F.C. Kielen

Tom WEIDIG
Esch, 45 Joer
President vum Wee 2050
Dokter an der Physik
Finanz- an Assurancenexpert
President vun internationalem Fuerschungsgremium iwwer Stottern

Jos ROULING
Esch, 63 Joer
Kandidat vum Wee 2050
Pensionéierte Magasinier ARBED
Moderator (Fernseh a Soiréen)

Bezierk Zentrum

Daniel RINCK
Dikrech, 54 Joer,
Kandidat vum Wee 2050
Expert a Kommunikatioun a Medien
Pensionéierte Privatbeamten,
Benevole bei Stëmm vun der Strooss

Thessy AHLES
Biissen, 54 Joer
Kandidatin vum Wee 2050
Sekretärin

Claude Bintz
Stader, 45 Joer

Kandidat vum Wee 2050
Schoul Beaux Arts
Techniker bei Dupont

Read more … 1.6.2018 Keup, Weidig, Rinck, Rouling, Ahles an Bintz sinn d'Wee2050-Kandidaten op der ADR-Lëscht